N°2498
Entrée le 24.06.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 25.06.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/06/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Tourismus weiderzeleeden.**

D'Hotelschoul wäert ee weidere Campus am GridX zu Wickreng opmaachen:
"*L'École d'Hôtellerie et de Tourisme du Luxembourg ouvrira dès septembre 2025 dans la structure du GridX son deuxième site, ce afin de permettre à un plus grand nombre d'élèves de bénéficier de formations d'excellence dans un environnement dynamique et innovant."*

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wat bezilt d'Hotelschoul fir d'Locatioun am GridX?

2. Goufen op mannst 3 Offeren fir d'Locatioun vun de Gebäilechkeeten gefrot?

3. Huet d'Hotelschoul aner Offere fir d'Implantatioun vum Site ofgeleehnt?
   Falls jo, wéi vill gouf hei fir d'Locatioun vun de Gebailechtkeete gefrot?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, a vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro Nr. 2498 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

1. **Wat bezilt d'Hotelschoul fir d'Locatioun am GridX?**
2. **Goufen op mannst 3 Offeren fir d'Locatioun vun de Gebäilechkeeten gefrot?**
3. **Huet d'Hotelschoul aner Offere fir d'Implantatioun vum Site ofgeleehnt? Falls jo, wéi vill gouf hei fir d'Locatioun vun de Gebailechkeete gefrot?**

D'Hotelschoul (EHTL) huet keng aner Offere fir d'Implantatioun ofgeleent. D'Decisioun, fir d'EHTL zu Wickreng unzesidelen, resultéiert aus der Iwwerleeung, datt et fir den HORECA-Secteur vu grousser Bedeitung ass fir, niewent dem Standuert Dikrech, och eng weider Offer am Beräich vun dem Hotelmanagement, der Restauratioun, der Hospitalitéit an dem Tourismus am Süde vum Land unzebidden, fir méi Apprenantë kënnen auszebilden. Hei sief och betount, datt d'Loyerskommissioun vum Finanzministère all Dossier analyséiert an iwwerpréift, ob déi vum Staat gefuerdert Critèren a puncto Präis a Qualitéit agehale ginn. De Loyer, deen de Staat bezilt, orientéiert sech dobäi um gängege Maartpräis.

Lëtzebuerg, den 22. September 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH